

Zeitung vum 'natur musée' fir jonk Leit

De Panewippchen

N°70 1/2005

Dës Nummer gouf gemach an
Zesummenaarbécht mat der
Administration des Eaux et Forêts

De Panewippche gétt op chlorfräi gebleechte Pabeier gedréckt an entsprécht der neier Lëtzebuurger Schreifweis



Luxembourg-1
Port payé
P/S.336



25, rue Münster
L-2160 Lëtzebuerg
www.panda-club.lu
panda-club@mnhn.lu

Ministère de la Culture, de l'Enseignement Supérieur et de la Recherche - 'natur musée' - Ministère de la Famille, de la Solidarité Sociale et de la Jeunesse - Service National de la Jeunesse - Ministère de l'Environnement - Administration des Eaux et Forêts - Administration de l'Environnement - Ministère de l'Education Nationale, de la Formation Professionnelle et des Sports - Ministère de la Santé - Ministère de l'Intérieur



Impressum

Redaktionskomitee: S. Backes - C. Brochmann - E. Engel - C. Flesch - S. Goerens - C. Greisen - M. Hagen - S. Hagen - C. Heidt - M. Hoffmann - M. Kirsch - M. Reichard - F. Theisen - M. Ursone - Y. Wagener

Texter: P. Bassi - C. Brochmann - C. Heidt - S. Goerens - C. Greisen - M. Hagen - S. Hagen - C. Heidt - J. Steinmetz - M. Ursone

Graphik an Illustration: S. Goerens - S. Hagen



Klamm an d'Roll vun den Äiszeitmënschen a probéier dech an der Géigend vun de Mammuten opzehalen, well dat bréngt déi entscheidend Punkten! E coolt Spill, wou a 4 Ronne probéiert gëtt, fir sou vill wéi méiglech Punkten ze kréien, andeems ee sech no bei de Mammuten ophält. A well all d'Spiller dat



wëllen, kënn et natierlech zu Schwieregkeeten!

Eiszeit

Vu Ravensburger fir 3-5 Spiller vun 10 Joer un.

De Fiisschen

De Panewippchen krut e Präis! Dësen Hierscht gouf den éischte lëtzebuurger Kanner- a Jugendliteraturpräis «De Fiisschen» verginn. Während dem «Salon de l'Enfant» hunn d'Leit hir Stëmm ofginn fir dat Buch, dat hinnen am beschte gefall huet. D'Buch «Voll Natur» vum 'natur musée' an den Editions Binsfeld ass gewielt ginn als dat bescht Sachbuch fir seng Texter a seng Illustratiounen.




2



Äiseg Zäiten am 'natur musée'!

Déi nei Ausstellung iwwert d'Äiszeiten erzielt spannend a witzeg, wéi et am Laf vun der Äerdgeschicht zu den Äiszäite koom, wat dat fir d'Déieren an d'Planze bedeit huet a wou mer haut nach Spueren dovun fannen. Selbstverständlech dierfen d'Superstars vun der leschter Äiszeit net feelen: den Homo Sapiens, de Mammut, d'Wollnashorn a vill aner an Originalgréisst begleeten de Besucher op der Rees bei Minustemperaturen.

Dot lech waarm un!



Die besten Kinder- und Jugendbücher



Wéi den Igel op der Wiss läit a friddlech säi Mëtteschlof hält, huet heen op eemol eng déck Bëlz. Do ass him dach tatsächlech iergend-sou ee komescht Dénge op de Kapp gefall. Hee probéiert

erausfannen, wat dat Dénge dann ass an dobäi hëllefen him vill Bekannter. De Maulef, den Hues, d'Kaweichelchen, d'Seejomessen a vill aner Bësch- a Wisebewunner probéieren all zesummen hanner d'Geheimnis vun der komescher Saach ze kommen. An dobäi hu si déi verrécktesten Iddien. Ob dat komescht, eckegt Dénge dann elo eng Muertentäsch ass, wéi den Hues mengt, oder dach awer éischer eng Bréck ...?

An der Wiss, vum Chantal Schenten-Keller mat Biller vum Muriel Moritz. Eng spannend a witzeg Geschicht iwwert déi schéinst Bréck an eng aner Welt.

36 Säiten, gebonnen, 14,00 Euro

ISBN: 2-87954-143-3

An de Bicher- an Zeitungsbuttecker oder direkt beim Verlag Guy Binsfeld, www.editions-guybinsfeld.lu



Eilen-Nuecht

eng Aktivitéit fir Familjen

den 19. Mäerz 2005

Rendez-vous: 19.00 Auer zu Ettelbréck beim Kierfecht (zréck: 21.00 Auer)

Programm: Am Kader vun der

europäescher Eilen-Nuecht maache mir eng Nuets-Wanderung fir Eilen ze lauschten a vläicht souguer ze gesinn.

Kleedong dem Wieder upassen.

Responsabel: Claude Heidt (Tel. natur musée: 462233 455)



EECHE-PLANZER

E Markollef kuckt engem Kaweechelchen no, dat Eechelen an Nëss am Buedem verbuddelt.



Du muss déi Nëss an Eechelen eenzel vergruewen! Dat do gëtt jo näischt. Deene Kaweechelcher muss een awer och alles soen!



Schwetz du net sou domm. Nëmme wells du vu sou Plogeeschter op 2 Been „Bëschpolizist“ genannt gëss, brauchst du mech nach laang net ze nerven. Ech verstoppe mäin Iesse fir de Wanter sou wéi ech wëll!

Ech muss och mol hei schmachechen, mmh...

Aha déi hu mir gär: sech de Bauch vollschlon an net dofir suergen, datt nei Beem wuessen.



Egal wat. Erziel mir net, datt s du Eechelen am Buedem vergruefs, well s du wëlls Eeche planzen. Op dengem Menu stinn dach och masseg Eechelen.



Kaweechelcher séien net nëmmen Eechen, mä Buchen an och Hieselnëss-Straicher. Du brauchst also net esou unzeginn.

Eh... Meng Kollegen an ech suergen dofir, datt all Joer nei Eeche wuessen an dofir si mir dem Fierschter seng beschte Gesellen.



Déi 2 héieren am Hannergrond e Markollef jäizen.



Natierlech huet d' Kaweechelche recht! Du wëlls et jo just net zouginn!

Komm mir man ons séier weg. Mäi Kolleg huet ons elo grad gewarnt (dofir gëtt de Markollef Bëschpolizist genannt), datt hien e geféierlecht Déier gesinn huet.



Dunn ass de Markollef fortgeflunn an huet d'Kaweechelche mam Schlawittche geholl fir séier fort, well hannert de Beem ass op eemol e Mënsch ze gesinn.

OhOooo!!!



HEEMLECHEN



ERËNNERS DE DECH NACH U MECH? AM PW1/04 HAT ECH DIR MENG FAMILL VIRGESTALT. WËI MIR BIBEREN IWWERLIEFT HUNN A WËI MIR EIS NEES AN EUROPA BREET MAN, GËSS DU ELO GEWUER.



Op der Our an der Belsch ...

No 2-3 Joer ginn déi jonk Bibere vun den Eltere verdriwwen.



ELO GEET ET DUER: ECH WANDEREN AUS!

ET GËTT HËICH ZÄIT, DATT DE PLOGEESCHT SECH SÄIN EEGENT REVËIER SICHT!

(WELL KEEN DAT NEI-BELSCHT VERSTEET, HU MIR DEN TEXT OP LËTZEBUERGESCH IWWERSAT, PW-REDAKTIOUN)



Owes mécht hie sech rëm op de Wee...



ELO MUSS ECH OCH NACH HEI BAUSSE SCHLOFEN, WELL ECH NACH KENG BUERG HUNN.



ECH MUSS NACH E GUTT STËCK WEIDER, FIR WÄIT VU MINGEN ELTERE WEG ZE SINN.

E puer Deeg méi spéit ...




HEI BLEIWEN ECH, WELL HEI ASS ET SCHEIN!

EROBERERER ??



An der Belsch an an Däitsch-land no bei Lëtzebuerg si Biberen ausgesat ginn. Et wäert dofir net méi laang daueren, bis och rëm Biberen zu Lëtzebuerg wunnen. De Biber kënnt just nuets raus an dofir ass hien net ze gesinn. Mä seng Spuere si liicht ze erkennen: ëmgehae Beem, Äscht ouni Schuel, Kaulen duerch eng Wiss bei d'Waasser (de Biber geet ëmmer dee selwechte Wee) a Fousspueren.



BEI DER FORSTVERWAL-TUNG KRISSE DU ENG BROSCHÛR IWWERT DE BIBER: TEL 402201 314



Benny de Biber, gezeichnet vum Christian Schubert

kniauwelsaiten

wèini reent et?



Lee en Dillendapp, deen op ass, an e Glas mat Waasser. Wéi gesäit en no e puer Stonnen aus?

Ma no e puer Stonne sinn d'Schuppen zougaangen. Huel den Dillendapp eraus a

setz en op eng dréche Plaz. Wéi gesäit en no e puer Stonnen aus? ...

Sou kanns du dir e Reemelder bauen:

Du brauchst: en Dillendapp vun enger Ficht oder enger Kifer, 1 Spéngel, 1 Schalimo, 2 Briedercher, Faarwen a Pech.

Stiech d'Spéngel an eng vun de Schuppen a setz de Schalimo driwer. Pech den Dillendapp op engem Brietche fest. Mol op dat anert Brietchen eng dréchefiicht Skala a stell et hannert den Dillendapp. Stell däi Reemelder dobaussen




éierens hin, wou en net naass gi kann. An elo kanns de Wiederfräsch spillen: sinn d'Schuppe vum Dillendapp zou, ass fiicht Wieder an den Zär vum dengem Moossapparat weist op fiicht. Sinn d'Schuppen op, ass dréchent Wieder.



Du brauchst: kleng Blummendëppen, Bastelfaarf (Gouache, Acryl oder Lack), Wackelaen, Pobeierkugel fir d'Nues, flëssege Pech. (fënns du alles am Bastelrayon vun de grouse Buttécker).

Sträich fir d'éischt d'Blummendëppe rouf un. Wann d'Faarf dréchen ass, mools du wäiss Punkten drop. Fir et fäerdeg ze man, pechs du d'Wackelaen an d'Nues drop. Maach e puer Champignons a setz se op verdréchent Blieder.



champignons

Du brauchst: Eeërktrongen, Schéier a Faarf, e Bengelchen.

Schneid e Stéck aus der Mëtt vun enger Eeërkéscht an een

Dëppchen aus enger Eeërpalett eraus (looss der vun engem Erwuessemen hëllef!). Maach de Bord vum Dëppchen ënnert dem Krun naass a béi en e bëssen no baussen.

Dono sträichs du de Still an den Hutt un an da pechs de den Hutt op de Still. Du kanns dann nach de Bengelchen ënnen an de Still stiechen an däi Champignon an e Blummendëppe stiechen.



schoko-muffins

Du brauchst fir 12 Muffins: 250g Miel, 2 1/2 Tëiläffel Bakpulver, 1/2 Tëiläffel Natron, 1 Ee, 125g Zocker, Vanilleessenz, 80ml Ueleg, 250g Bottermëllech, Schokelasgrimmelcher, 4 El Pudderzocker.



Stell de Schäffchen op 180°C.

kelasgrimmelcher an dann de Rescht vum Deeg.

Da baks du deng Muffins 20 Minutten op der mëttelster Schinn vum Schäffchen. Looss se dann nach 5 Minutten am Blech stoen.

Fir ze garnéieren réiers de Pudderzocker mat Waasser glat a pinsels en op d'Muffins. Dono strees de nach Schokelasgrimmelcher drop.

Gudden Appetit!



Klapp d'Ee mat engem Schnéibiesem an enger Schossel. Réier den Zocker, d'Vanilleessenz, den Ueleg an d'Bottermëllech drënner. Mësch d'Miel mam Bakpulver a mam Natron a réier dat drënner.

D'Halschent vum Deeg verdeels du dann an d'Formen vun engem Muffinblech. Dodrop schëtts du d'Scho-





deieren am bëscher

Hues du am Hierscht gutt gesammelt? Ma dann huel Käschten, Eechelen, Buchakeren, Fligeren (Ahorn), Äscht, e puer Zännstëppler a Päifestëppler a fuer duer!

D'Lächer fir d'Zännstëppler an d'Äscht buers du dir mat enger



Schrauf oder engem Nol vir. D'Fligeren, d'Päifestëppler an d'Buchakeren pechs du am beschte mat der Pechpistoul un (Looss der do onbedéngt vun engem Erwuessenen hëllefen!)

Wéi wär et mat Gesellschaft fir den Hirsch, de Villchen an d'Kaweechelen? Dir fale bestëmmt nach aner Déieren an fir ze bastelen! Schéck eis eng Foto!



schätz aus dem bëscher

Du brauchst: Blieder, Miel, Salz, Kanéil.

Mëscher 8 Löffel Miel, 4 Löffel Salz, 2 Löffel Kanéil an 12 Löffel Waasser a knied dat zu engem Deeg. Form doraus Beemstämm. Stiech uewen an d'Äscht Zännstëppler. Bak deng Saachen elo 1/2 Stonn am Schäffche bei 100° an dono nach 1 Stonn bei 125° op engem Stéck Alufolie. Wann alles ofgekilt ass, zitts du d'Zännstëppler eraus a stéchs Blieder mat enger Dréps Pech an d'Lächer.



de bëscher mat haut an hoer erliewen

t' ass Zäit fir en Tour an de Bëscher - mat der Famill, mat ville Frënn! An da kënnst dir de Bëscher mat äre Superseener erliewen:

Beem-Roden:

ee vun iech gëtt mat verbonnenen Aen bei 2 verschide Beem gefouert. E fillt d'Bamschuel mat sengen Hänne. Da gëtt e fort gefouert, kritt d'Aen opgemach a muss déi 2 Beem dann erëmfannen.



Geräischer héieren:

Verdeelt iech op verschide Plazen am Bëscher. Jiddferree muss elo mat zouenen Aen 3 Minutte laang op all d'Geräischer oppassen an herno alles, wat en héieren huet op e Blat Pobeier opschreiw. Ween huet wat héieren?



Fillen a richen:

Vun enger Plaz aus sicht der zu 2 an 2 10 verschide Géigestänn aus dem Bëscher. Bréngt alles nees op d'Plaz zrëck. 1 vun denen 2 soll da mat verbonnenen Aen 5 vun de Saachen duerch Richen oder Taaschten erkennen. Dono kritt deen aneren d'Aen zougebonn a muss 5 aner Saachen erkennen.



Gläichgewicht halen:

Balancéier iwwer een emgefalene Bamstamm a kuck dobäi op de Stamm. Maach dat nämlecht nach emol, awer kuck dann an den Himmel. Wat geet besser? Balancéier dono mat engem Yoghourtbecher voll Waasser iwwer de Bamstamm.



bëscher am blummen-deppen

Du brauchst: kleng Blumendëppen (mat Tellerchen), Buedem (aus dem Bëscher oder dem Gaart) an Eechelen, Buchakeren, Propellere, Käschten, Som aus engem Dillendapp.


A jidferengem vun dese Somen ass eng winzeg Keimplanz verstoppt. Am Hierscht kanns du des Somen (wa se net verdréchent sinn) a Buedem an e klengt Dëppe stiechen. Stiech e klengt Schéld mam Numm derbäi an hal de Buedem fiicht. Lo muss du Gedold hunn an da kanns du nokucken, wéi de Som keimt a wéi eng Planz wiisst.



Vläicht fotograféiers oder mools du, wéi aus dem Som e kleng Beemche gëtt!



Wou sinn d'Déieren am Winter?





Déieren am Wanter



REI

Ech wiessele mäi Kostüm fir de Wanter: ech kréien e méi décken an e méi laange Pelz.

Am Hierscht a Wanter, wann ech net sou vill Fudder um Buedem fannen, da sinn ech frou, wann de Fierschter u mech denkt a mech fiddert.



WÉLLSCHWÄIN

Ech sinn am Wanter genee sou lieweg wéi am Summer a ginn op d'Sich no Fudder: ee Gléck: ech sinn en Allesfresser.



BLUMMES

Ech bleiwen hei an hoffen, datt d'Menschen am Wanter u mech denken; mer eng

Fudderklack opriichten, datt ech mech dru klamere kann a Sonnenblummekäre picke kann - also keng Insekten wéi am Summer.



ZILLZAPP


Am Wanter fannen ech näischt méi fir z'essen, dofir fléien ech am Oktober an de Süden.



DACHS

Well ech am Wanter deeglaang schlofen (Wanterrou), hunn ech schons am Summer vill gefriess, fir

vun de Fettreserve am Wanter kënnen ze liewen; am Hierscht preparéieren ech mäin Nascht mat Laf, Moos a Farnen, fir datt et waarm gepolstert ass. Nëmme fir Schissi ze maache verlossen ech meng Hiel.



FRÄSCH:

de Wanter ass eng ellen Zäit; fir mech géint d'Keelt ze schützen, krauchen ech an de

Bulli am Waasser a killen of. Meng Muskele gi ganz steif. (Keeltstarre) Mäin Häerz klappft nëmme nach e bëssen, ech ootmen net méi vill a beweege mech och net.



REEWUERM

Fir datt ech net erfréieren, verguween ech mech déif an de Buedem a waarden, bis et nees méi waarm gëtt.



DAUSENDBEEN

Ech verstoppe mech déif ënnert Blieder oder Steng fir iwwert déi kal Joreszäit ze kommen.



KAWEECHELCHEN

Am Hierscht muss ech Som a Friichten am Buedem verstoppen, fir datt ech am Wanter eppes ze friessen hunn; ech halen eng Wanterrou, wou ech nëmme fir

ze friessen erwechen.



NUECHTIGAILCHEN

Am Hierscht maachen ech mech séier fort, well ech hei näischt méi z'essen hunn.



HIRSCH

Ech maachen et wéi d'Rei: mir treffen eis op der Fudderplaz am Bësch fir ze friessen.



POUFANK

Wéi all déi aner Vulle kréien ech e méi déckt Plommekleid, dat och nach opgeblose ka ginn; wéinst

der Loftschicht geet d'Hëtzt vum Kierper net sou séier verluer. Ech friesse gär Kären, déi ech dorëmmer fannen.



MAISKINIK

Ech bleiwen hei a sichen ënner Blieder no Muede vun Insekten.



ROU-BRESCHTCHEN

Mir fléien an de Süden an e puer Kollegen aus Nord-europa komme bei ons.



SCHLEEK

Am Hierscht sichen ech mir eng Plaz ënnert Blieder a Moos oder am Buedem a krauche ganz a mäin Haischen a maachen et mat engem Deckel aus Kallek zou; fir ze iwwerliewen, ginn ech ganz steif. (Winterstarre)



SPIECHT

Ech bleiwen hei a friesse Summer wéi Wanter dat nämlecht: Nëss, Som, Larven..



MARKOLEF

Ech bleiwen och am Hierscht a Wanter hei. Wéi déi aner Vulle verdroen ech d'Keelt, ech muss just genug Fudder fannen.



MÄREL

Ech muss vill iessen, soss fällt d'Temperatur vu mengem Kierper erof. Bieren a Som stinn am

Hierscht a Wanter op der Menüskaart.



FUSS

Ech sinn amgaang mir en décken a méi en däischtere Pelz unzeleeën, fir

datt ech net soll kal ginn. An op meng Kleng, déi am Fréijoer op d'Welt komm sinn, brauch ech net méi opzepasst; si si schons selbststänneg genug.



MAULEF

Ech si Summer wéi Wanter, Dag an Nuecht aktiv; ech sammele Reewerm a fir datt se

net kënnen fortlafen, bäissen ech hinnen de Kapp erof.



MAUS

Op Wanter oder Summer, ech sinn ëmmer aktiv; ech verguween Nëss als

Reserve fir de Wanter a wiessele mäi Quartéier: ech plënnere gär an d'Haiser, wou et fir mech méi waarm ass.



KANÉNGCHEN

Ech maachen et wéi d'Maus; ëmmer ënnerwee... Am Wanter kréien ech awer e méi décken an däischtere Pelz.



KÉISECKER

Am Hierscht sichen ech mir eng wiedergeschützt Plaz eraus, déif ënnert Blieder. Do rullen

ech mech dann zesummen a falen am November an de Winterschlof. Wann et fréiert, da muss ech erwachen a mech bewegen, soss erfréieren ech.

Hat Schiiii!!!

Dat kenns du bestëmmt: d'Nues leeft, nuets kriss du schlecht Loft, d'Äe brennen, d'Nues an d'Lëpsen och, du bass schlapp, hues de Kapp wéi a richs a schmaachs net richtig! Ma dat ass de Schnapp!

Du hues dech erkaaft!

Falsch, de Schnapp kriss de net, well se de kal oder naass gi bas, mee well **Viren*** sech deng Nues erausgesicht hunn.

Déi ganz Nuesenhiel ass bannendra mat **Schläimhaut*** tapezéiert. Op der Schlaimhaut si lauter kleng Hoer. Déi filteren, fir datt d'Longen net allerhand Dreck ootmen. Si transportéiere Stëbs oder Viren wéi e Förderband erof an de Mond, wou se erausgespaut ginn oder weider an de Mo, wou se vum Verdauungsjus vernicht ginn.

De Vire gefällt et op der Schlaimhaut immens guft: si krämpe sech dodra fest. D'Schläimhaut ass awer guer net begeeschtert vun deene Matbewunner. Si mécht dann extra vill Fiichtegkeet, fir d'Viren erauszuschwemmen - deng Nues leeft. An engems schwellt d'Schläimhaut an déi kleng Hoer kënnen den Dreck net méi eraustransportéieren - deng Nues geet zou.

Dann notzt et jo näischt e Medikament ze huelen!

Falsch: verschidde Medikamenter maachen, datt s de dech besser fills an datt et net méi schlëmm gétt! Hei e puer Tips:

Nues spullen: an der Apdik gett et Salzwaasserléisungen fir an d'Nues ze sprutzen an erëm erauslafen ze loos-

sen. Dat nämlecht kanns du och selwer maachen: 1 lesslöffel Kachsatz an 1

Liter Waasser oplëisen. 4x den Dag

Inhaléieren:

1 Hand voll Kamillebléien an enger Schossel an engem 1/2 Liter woodlege Waasser oplëisen. De Kapp driwwer halen, en Duch iwwert de Kapp hänken an déif anootmen. 4x den Dag.

Déi wond Nues mat Ringelblumensalbe areiwen.

Vill drenken:

Waasser an Téi fir datt de Kierper genuch Flësegkeet kritt. Vill Uebst a Geméis iessen, Vitaminen hëllef gesond ze ginn.

Vill frësch a kill Loft:

Heizungsloft an Zigaretten-damp ass ganz schlecht, well se d'Schläimhaut ganz ausdrëchen. D'Viren haasse frësch Loft, dofir vill lëften!

Vill schlofen oder raschten, da kann de Kierper sech erhuelen.

Dacks d'Hänn wäschen, well do och vill Viren drun hänken an ee sech sou ëmmer erëm selwer ustécht.

Nuesdrëpsen nëmmen fir Nuets schlofen ze kënnen an nie méi wéi 5 Deeg. D'Schläimhaut gewinnt sech drun a gétt ganz wond, da wierke se net méi.

A vill schnäizen!

Falsch Wann s du fest troters, entsteet e risegen Drock, deen e gudden Deel vun de Viren a vum Schlaim an d'Hielen hannert der Nues dréckt. Do gétt et dann eng Entzündung. Di geschwächte Schlaimhaut gétt dann och licht verletzt. Dofir richtig schnäizen: d'Nueslächer een-


zel an net ze fest botzen an dobäi dat anert Nueslach zouhalen. Dat verhënnert, datt Schlaim an d'Niewenhieie gedréckt gétt.

A Japan, China, Korea, Ägypten, Afghanistan a villen anere Länner ass et ganz onmanéierlech, fir d'Nues bei aneren zou ze schnäizen. Dofir geet een eraus oder op d'Toilette.

A wann en net ewech geet?

Heiandsdo klammen d'Viren aus der Nues erop an d' Hielen hannert der Nues. Da kriss de Féiwer a vill Kappwéi, du mings, däi Kapp géif explodéieren. Wann s de dech bécks doen d'Stir an d'Bake wéi. Dat ass dann eng Niewenhielenentzündung oder Sinusite. Dann häls du dech am beschte waarm an hëls eng schläimléisend Medezin aus Planzen. Wann et no 3 Deeg net besser geet, ass et Zäit fir bei den Dokter ze goen.

E Stëbskär an der Nues kribbelt d'Schläimhaut. Déi wiert sech a schleidert de Kär erëm eraus. Dobäi gétt fir d'éischt Loft ageoofemt. Wann déi Loft laangschd d'Stëmbänner* kënn, kléngt dat esou: HAAAAA. Dono gétt déi Loft mat 130 Kilometer an der Stonn duerch de Mond an d'Nues erëm erausgestouss an dat kléngt esou: TSCIIII.



Mam richtige Medikament ass de Schnapp seier ewech!

Falsch, e Schnapp dauert guft 8 Deeg - do kann een näischt änneren! Sou laang brauch de Kierper fir Antikierperen* ze maachen, déi sech op d'Vire setzen an hëllef, se futti ze man.

Virus: dat si Mikroben, déi Krankheeten erviruffen

Schläimhaut: ass z.B. d'Haut bannen an eiser Nues, déi do ass, fir d'Loft unzefiichten an der hir Hoer d'Loft wiermen a Stëbskäre festhalen.

Antikieperen: déi mécht de Kierper, fir Viren oder Bakterien futti ze maachen.

Stëmbänner: sinn elastesch Bänner an eisem Hals, déi duerch Loft zidderen an Téin maachen.

(kuck PW 2/2004, Säit 14)

D'Famill Réi



Jidfer Kand kennt mech, mee huet mech nach net dacks gesinn. Oft stinn ech moies fréi oder owes an der Dämmerung op der Gewan oder no beim Bësch, mee am Dag verstopp ech mech. A wann ee mech an de Bësch stéiere kënn, da man ech mech séier duerch d'Bascht a sichen mer eng aner Stopp. Jo, vun iech Mënschen halen ech mech wäit ewech!

Virwat?

D'Réi ass ganz schei a fäertereg. Hatt héiert a richt super guut. Hatt kann e Mënsch richen, deen 300 m wäit ewech ass. (Dat sinn zwee Fußballfelder) Wann d'Réi Moies fréi oder Owes, wann et däischer gëtt, aus dem Bësch erauskënn fir no lessen ze sichen, da streckt hatt ëmmer rëm seng fiicht Nues an de Wand an dréit seng Oueren an all Richtung fir sécher ze sinn. Ass do e frieme Geruch oder e komescht Geräisch? Da mécht hatt sech op senger laange flécke Been séier aus dem Stëbs! (Dofir gesi mir meeschtens just dem Réi säi wäissen Hënner, wann et fortleeft)

Iiih, Mënsch, mäi gréisste Feind! Séier fort hei!!



Wat steet um Menu?



Blieder, jonk Schëss, Knospen, Eechelen, Buchakeren, Gras a Frucht vum Feld (Kléi, Raps, Mais...). D'Réi ass e Planzefresser! A wann et sech de Bauch vollgeschlo huet, leet et sech op eng geschützte Plaz a knat d'lessen nach emol: et ass e Widerkäuer (wéi d'Kéi). Am Hierscht frësst d'Réi ganz vill a leet Fettreserven un. Am Wanter fënnt et net vill ze friessen. Dacks muss et de Schnéi ewech krazen fir eppes an de Bauch ze kréien. De Fierschter stellt da Fudderplazen op, wou en de Réi Hee, Hambieräsch, Gromperen, Eechelen, Apelreschter vum Viz (Silo) a gedrechent Zockerrommelschnëtz hi leet.

D'Jeeër bréngen d'Fudder fir am Wanter ze frupsen. Kann ech e bësse mathëllefen?



Hei gëtt et eppes ze baffen!!!

Wéi kënnen mir d'Réi kenneléieren?

D'ass also ganz schwéier, engem Réi am Bësch nozekucken. Fir eppes iwwert d'Réi erauszefannen, kënnen mer seng Spuere sichen:



Da spillt mol schéin Detektiv!!

Kaka

Bast (muusseg Haut ronderëm d'Gewei)

Ciao, Ciao, dir Leit!!

plattgetrëppelt Weeër

Ëmmer op der Rull, meng Mamm! Ech hunn Hunger!!!



D'Reifamill an d'Hirschfamill :

Vill méi praktesch sou e klengt Gewei! Packs du dat Risendengen alt?

Foussofdrock vum Réi:

passt ënnert eng Fixfeieschkëscht.



Réi

- 60-90 cm
- bis 25 kg
- wäissen Hënner kee Schwanz
- klengt Gewei 3 Enner, all Joer am November gëtt et ofgeworf. Am Januar wisst en neit. Dann ass ronderëm eng Haut mat Hoer, de Bast. De Bast verdréchent am Mäerz an de Réibock sträift en u Sträicher of.
- Réibock Réigeess Kitz

Hirsch

- 120-150 cm
- bis 250 kg
- brongen Hënner mat Schwanz
- grousst Gewei bis 20 Enner
- Hirschbock Hirschkou Hirschkallef=Bambi

Ech hu wéinstens e Gewei! Näischt sou Mikreges!

Dir wäert mech dach net mat deem Mini do verwiesselen?



Dem Réi seng Famill

Am beschte kenns du d'Reikitz. Wann hatt op d'Welt kënn, huet et wäiss Flecken op sengem bronge Pelz. Domat ass et besser getarnt a senger roueger Stopp am Bësch um Buedem oder an de Felder. Déi éischt Woche geet d'Mamm eleng op d'Sich no lessen a kënn just bei hirt Kitz, fir et ze fidderen an ze wäschen. Wann s du eng Kéier sou e Réikitz ganz eleng fënns, dāerfs du et op kee Fall upaken! Soss richt seng Mamm herno «Mënsch» a verléisst hirt Kitz! Am Summer ginn d'Felder vun de Bauere mat grouse Maschine geméint! Dat ass ganz dacks déidlech fir déi kleng Kitz!

Wann si 2 Méint al sinn, gi si mat der Mamm op d'Rull, da sinn och d'Flecken um Fell verschwonnen.

Am Summer liewen d'Rei an enger Famill mat Réigeess (Mamm), Kitz, a jonke Réibéck. Déi al Réibéck (Pappen) liewen eleng. Tëscht Mee a Juni kommen déi Kleng op d'Welt, een, zwee an heiandsdo dräi. Tëscht Juli an August ass d'Zäit, wou se freien, da verkoppelen d'Geessen an d'Béck sech. Am Hierscht kréien d'Rei amplaz vun hirem routbronge Summerpelz méi en dichte grobronge Wanterpelz. Am Wanter liewen d'Rei a Ruddelen mat 4-10 Réi, Geessen, Kitz a Réibéck zesummen. Eng Réigeess ass dann de Chef vum Ruddel.



De Ginkgo- e spezielle Bam



Fossil vun engem Ginkgoblatt



Eng al Traditioun: e Blatt vum Ginkgo kanns de als Lieszeechen huelen; seng natierlech Ofwierkraaft soll gutt géingt d'Bicherlais sinn.

De Ginkgo steet op der internationaler rouder Lëscht als "staark bedrot"

Hei hu mer et mat engem „liewege Fossil“ ze dinn: de Ginkgo gëtt et schon zënter 150 Millioune Joer an en huet sech bal net verännert. Zur Zäit vun den Dinosaurier stounge Ginkgo-Zorten an der Landschaft, zesumme mat risege Farnen a Schachtelhalmgewächser. 1

1 De ‚Kazeschwanz‘ (Zinnkraut) ass ee modernt Exemplar aus där Famill, hie gëtt bis 50 cm héich an ass den Horror vun all Gäertner.

Am Fong gehéiert de Ginkgo éischer zu den Nolebeem wéi zu de Lafbeem, Lafbeem si réischt vill méi spéit an der Entwécklungsgeschicht vun de Planzen opgedacht.



Früchten

Europa ass en eréischt am fréien 18. Joerhonnert an de Gäert vun den dichteste Leit opgetaucht.



Beim Ginkgo gëtt et männlech a weiblech Planzen. 2 Nëmme dee weibliche Bam kritt Früchten: kleng mirabelenaarteg Bullen, déi ekeleg sténken. Dofir ginn an de Gäert meeschtens männlech Beem geplanz. A China an a Japan ginn d'„Sëlweraprikosen“ geréischtert a giess.

2 Bei deene meeschte Beem sëtzen déi männlech an déi weiblech Bléien zesummen op enger Planz. Eng Ausnam maachen d'Weeden, déi - grad wéi de Ginkgo - entweder dat eent oder dat anert sinn.



Fir sou laang matzemaachen am Spill vun der Evolitioun muss een en déckt Fell hunn. Duerch Keelt, Stuerm, Feier, Parasiten oder Krankheeten ass de Ginkgo praktesch net klengzekerien. Ee berühmte Exemplar huet souguer d'Atom-bomm vun Hiroshima iwwerlieft. Loftverschmutzung a Streesalz maachen deem Bam net vill aus, dofir gesäit een en och iwwerall ronderëm d'Welt an de Stiet.

Am Hierscht liichten d'Blieder vum Ginkgo goldeg giel.

3 Géi mol op d'Sich no dem extrae Bam, am Stater Park oder an der Péitrus!

4 Wann s du do kee fënns, da kuck mol an de Gaart vum Musée eran. Et sollen och nach e puer wéll Beem an de chinesesche Bierger ze entdecken sinn!



3 Tommel dech, well wann d'Blieder bis eroffalen, da kann dat ganz séier goen: innerhalb vu Stonne steet de Bam plakeg do.

4 E richtig grouse Ginkgo steet op der Echer Plaz an zu Mondorf.



Ginkgo biloba

Fächerbliederbam, Intefoussbam, Elefantemuerbam

de Ginkgo am Gaart vum Musée



Op chinesesch heescht de Ginkgo och nach: „de Bam deen de Bopa sengen Enkelkanner schenkt“. Net fir näischt: hie ka 1500 Joer al ginn, wísst awer ganz lues.



An Asien gëllt den 'Tempelbam' als Hellegtum, en däreft a kengem Klouschtergaart oder Palais feelen. Seng Blieder a Früchte gi schon zënter 4000 Joer vun de Chinesen als Medezin genotzt. An

